N°3178
Entrée le 12.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

*L'essentiel* schreift an engem Artikel vum 10te November 2025, datt en amerikaneschen Militärfliger vum Typ V-22 Osprey géint 12.30 Auer am lëtzebuergesche Loftraum ënnerwee war. Dëse Modell vun der US Air Force ass eng hybrid Konstruktioun tëscht Fliger an Helikopter, déi vertikal starte kann an eng Héchstvitess vun iwwer 500 km/h erreecht. Seng genee Destinatioun war, aus Sécherheetsgrënn, net bekannt, a konnt deemno net op ëffentleche Fluchradaren nogekuckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ënnert wéi enge Konditiounen a Reegelen dierfen esou Militärfligeren de Lëtzebuerger Loftraum notzen? Gëtt heibäi eng Ënnerscheedung gemaach tëschent NATO-Partnerlänner an net NATO-Partnerlänner a falls jo, wéi ënnerscheeden sech d'Reegelen an d'Prozeduren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés